N°1493
Entrée le 10.12.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet a vun der Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n° 1493 vum 8. November 2024 vun der honorabeler Deputéiert Madame Paulette Lenert.**

- *Gëtt et zu Lëtzebuerg Donnéeën, wéi de Konsum vun Energydrinks vu Kanner a Jugendlechen sech an de leschte Joren entwéckelt huet?*

Am Moment ginn et zu Lëtzebuerg keng Donnéeën iwwert de Konsum vun Energydrinks bei Kanner a Jugendlechen. Et sinn Reflexiounen amgaang mam Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend an der Université de Luxembourg fir Froen zu dësem Thema an d'Studie *Health Behaviour in School-aged Children* (HBSC) 2025-2026 z'integréieren.

- *Wéi schätzen d'Ministeschen de Gesondheetsrisiko vun Energydrinks fir d'Gesondheet vu Jonken an?*

An den Energydrinks ass vill Zocker a syntheeteschen oder natierleche Koffein. Des Kompositioun huet eng ureegend Wierkung op de ganze Kierper, wat zu Schlofproblemer, Nervositéit, Ängschten, Kappwéi a Gedächtnisproblemer féiere kann. Den Zocker kann doriwwer eraus zu Iwwergewiicht an Zännproblemer féieren. En exzessive Konsum kann zu Problemer vum Häerzkreeslaf, vum Nervesystem oder zu psychesche Verhalensstéierunge féieren.

An enger Publikatioun vun 2015 vun der Europäescher Liewensmëttel Agence EFSA (European Food Safety Agency) ass déi maximal Quantitéit u Koffein déi ouni Bedenken opgeholl ka ginn, 3mg/kg Kierpergewiicht fir een 70 kg schwéieren Erwuessenen aus allen verschiddenen Quellen vun Liewensmëttel.
Fir Kanner an Jugendlecher ginn et net genuch d'Donnéeën fir een sécheren maximal Koffeingehalt kennen unzeginn. Generell ass den Konsum vu Koffein bei Kanner ofzeroden.

- *Ass d'Madamm Gesondheetsministesch der Meenung, dass zu Lëtzebuerg de Verkaf vun Energydrinks u Mannerjäreger sollt verbuede ginn?*

Den Ministère ass am gaang un enger "Stratégie de Prévention" ze schaffen wou Aktiounen iwwer méiglech Campagnen a Mossnahmen zur Reduzéierung vun den Auswierkungen vun onéierlechem respektiv onspezifeschem Marketing am Iessberäich wäerten mat ugeschwat ginn.

Lëtzebuerg, den 10. Dezember 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez